75 JOER
1937-2012
COMITE ALSTAD

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

15/2013

Virwuert

## D'Stad Lëtzebuerg kritt 1050 Joer

Dëst Joer feiert d'Stad den 1050ste Joeresdag vun hirer Grënnung 963 duerch de Grof Siegfried.

De Comité Alstad wëllt sech mat e puer Initiativen un dësem Evenement bedeelegen, sou wéi 1963 beim Millénaire, wou ons Virgänger en historesche Cortège duerch d'Faubourgen an d'Alstad organiséiert haten.

Et geet schonn op der Éimaischen un. Nieft onsem klassesche Péckvillche vum Serge Di Paoli brenge mir eng Reproduktioun vun engem Melusina-Bas Relief aus der Fassad vum Palais eraus. Dir fannt den Détail heizou méi wäit an dësen AlstadNews.



Foto: Claude Esch

Onsen Aulebäckermaart gëtt dëst Joer duerch eng méi grouss Manifestatioun ersat: en historeschen Handwierkermaart mat internationaler Participatioun, den 22 an den 23 Juni.

Da plange mer un enger Reprise vum Nobert Weber sengem Jean Chalop, deem Stéck, dat beim Millénaire 1963 den éischte Präis am Theaterconcours gewonnen hat, an deemols als eenzeg Kéier opgefouert gouf.

Mir hoffen, datt mer Iech all mat dëse Projete Freed maache kënnen, a mir ginn Iech elo scho Rendez-vous op der Éimaischen, dëst Joer – et ass kee Witz- den éischten Abrëll um Fëschmaart.

Aere Comité Alstad

## OPRUFF

### Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang e Fotoarchiv opzebauen a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1013 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • **Fax:** 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# Péckvillchen 2013

Dëst ass schons dee 7. Péckvillchen, deen onse Member Serge Di Paoli entworf huet. Réaliséiert gëtt och de Péckvillchen 2013 an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht. Bestelle kann een de Péckvillchen vun elo u bis de 26. Mäerz 2013 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vu 25 € d' Stéck op ee vun onse Konten:

| | |
|---|---|
| **Spuerkeess :** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck :** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| **BGL-BNP Paribas :** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |

**(mam Vermierk: Péckvillchen 2013)**

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen Ouschterméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad. Dir fannt ons hannert dem Palais.

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, säi Péckvillchen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 02. Abrëll bis den 1. Mee 2013 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass all Dag op vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer. Méindes ass zou.

Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2013 just an enger klenger Oplo vun 150 Stéck gemaach gëtt, numeréiert a mat engem signéierten Zertfikat vum Artist.

Mir wënschen iech vill Freed mam Péckvillchen 2013.



# MELUSINA

**963-2013: 1050 Joer Stad Lëtzebuerg**

Bekanntlech hat de Grof Siegfried am Joer 963 duerch en Tosch de „Kastell Lucilinburhuc" a säi Besëtz bruecht. Um Bockfiels ass am Laf vun de Joerhonnerten eng gréisser Buerg entstan.

De Bockfiels ass awer net nëmmen doduerch bekannt, datt hei dem Grof Siegfried seng Buerg stong, mee et ass och d'Räich vun der Melusina. D'Melusina soll dem Grof Siegfried seng Fra gewiescht sinn. Wéi si sech bestuet hunn, hat d'Melusina een ausdréckleche Wonsch: hie sollt sie all samschdes mat Rou loossen, an och net probéieren, erauszefannen, wat sie méich. Dat ass joerelaang gutt gaangen, mee enges Daags war dem Siegfried säi Virwëtz ze vill grouss. Hien ass der Melusina heemlech nogeschlach, wéi si an d'Kasematten erofgaangen an hannert enger grousser Dier verschwonnen ass. Hie luusst duerch d'Schlëssellach an erféiert: Do louch dach net seng Fra an enger Bidden, an amplaz hire Been hat si e Fëschschwanz. Wéi Melusina matkritt huet, datt hiert Geheimnis entdeckt gouf, ass si aus der Fënster vun der Buerg an d'Uelzecht gesprong, a gouf bis zum heitegen Dag net méi erëmgesinn.

D'Melusina ass an engem Stäil vun onsem Groussherzogleche Palais veréiwegt, an de Comité Alstad bidd iech als Éimaischenssouvenir 2013 eng Reproduktioun (Bas-relief) vun dëser Figur un.

Bestelle kann een de Bas-relief vun der Melusina beim Comité Alstad bis de 26. Mäerz 2013, duerch Iwwerweise vun 25 € d' Stéck op ee vun onse Konten:

**Spuerkeess :** **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**Postscheck :** **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
**BGL-BNP Paribas :** **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 (**

**mam Vermierk: Melusina)**

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Bas–relief Melusina Ouschterméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart vun 08:00 bis 12:00 Auer, um Stand vum Comité Alstad. Dir fannt ons hannert dem Palais.




Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, säi Bas-relief vun der Melusina am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 2. Abrëll bis spéitstens den 1. Mee 2013 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass all Dag op vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer. Méindes ass zou.

De Bas-relief vun der Melusina gouf an der Keramikfabrik zu Esch vun autistesche Matmenschen an enger Oplo vun 150 Stéck hiergestallt.

## « PORTE OUVERTE »

06.04.2013 vun 10 :00 Auer bis 18 :00 Auer
invitéiere mer iech op ons « Porte ouverte »
am Sëtz vum Comité Alstad op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart.

Jiddereen ass häerzlech wëllkomm. Hei huet een d'Méiglechkeet, emol eng Kéier déi ganz Kollektioun ze gesi vun deenen Objeten, déi mir säit 1938 erausginn. T' kann ee sech iwwert de Comité Alstad informéieren, mat Leit an d'Gespréich kommen, déi vläicht och Sammler sinn, eventuell ënnerenee koppelen, kafen a verkafen. Oder ganz einfach et potert ee mateneen iwwert ons Alstad. Natierlech däerf bäi esou enger Geleeënheet e gudde Patt net feelen.

# De Comité Alstad,
## d'Éimaischen an och Aneres (3)

Zesummengestallt vum Claude Esch

De Lambert Schaus, de Georges Schmitt an déi ganz Equipe vun dem neien „Organisatiounscomité fir d'Éimaischen" hate Recht. An deene leschte Joeren wor d'Éimaischen mat Erfolleg erëm nei opliewe gelooss ginn. De J. H. Wachthausen huet a sengem Gedichtband „Lëtzebuerger Loscht a Liewen" (1903) déi ganz Idyll vun der Éimaische beschriwwen, Eenzelnes ass dodra scho veraalt, mee deen ale Volleksbrauch ass am Fong deeselwechte bliwwen. Hei e klengen a flotten Deel aus

### „Lëtzebuerger Loscht a Liewen".

Pickvillercher, Tirelirecher, Lenfessecher, a Spridelcher,
Déi al ginn am Sturm ageholl,
Das alles sech gutt schossele konnt soll,
Gött och de Weihraach huerteg kaft,
Dan Harz a Ficelle ugeschaaft,
Den Deckel gröndlech ënnersicht,
Ob hien sech och ganz sidlech licht,
An dann zuer allergueder Läscht
D'ganz „D'Stad gehéiereg verpescht.

Da könnt d'Eertecken „D'Spötz fir d'E" an do gouf ëtt wuel eng Ausaneranersëtzung töschent engem Léierjong an engem Tubaksdapp. An der Töschenzäit huet sech de Maart geföllt: d'Eechergaass ass schon do, Paffendall, Gronn a Clausen sinn ënnerwe. Da gin wuel vill Taasen kaf mat Virnimm a Spréichelcher.

Een keeft eng Taas mat „Heisse Liebe"
Ën anneren mat „Mit tiefem Triebe"
E véierten höllt „Ohne Reue"
E fönneften „Auf ewig dein"
E sechsten dann „Ach wärs du mein!"

De Mett, deen nach nött esou kéing wor senger Léiwsten eng Liebeserklärung ze man, huet einfach eng Taas mat hierem Numm kaft. Ihren awer senger Auserwielten déi gedron huet, huet en sech an drei Wirtschaften Mut ugedronk. Awer dann am Paffendallerbierg ass seschons déi éischten Kéier getrollt. A weéi ënn dunn beim Haus vun senger Léifsten ukomm wor, ass en esou gefall dass Taas a Schiebelen gong – An op der Éimaischen gött bis spéit an Nuecht musizéiert a gedantzt bis déi Verléiften sech op den Hémwee gemach hun. - Esou weit den J. H. Wachthausen.

Vun engem Lëtzebuerger, deen nëmme franséisch geschwat huet, ass dat hei Gedicht, an dat soll och seng Plaz kréien:



COLLECTIOUN COMITÉ ALSTAD

### Emmaüs

Lundi de Pâques – La foule, lente massive,
Vogue et vire en remous sur la place déclive.
C'est le jour d'Emmaüs
La fête des Elus.
Avec leurs toits légers et blancs comme des ailes,
Tout le long des maisons, en files parallèles,
Les éventaires montent et, jaloux, se coudoient
Geignant sous les fardeaux frivoles qui les noient....
Légions de coucous vêtus de terre cuite,
Cassolettes coassant des légendes sans suite,
Au clapotement des couvercles et des pots;
Les crécelles en voix, les ballons effarés,
Les tasses briguant les soucoupes sans défaut ;
Voici les flans dorés et les lisses saucisses,
Voici les berlingots qu'un doux soleil irise.
Frivoles et rêveurs, pillant les étalages,
Voici les amoureux qui échangent des gages,
-Aux filles une tasse, un coucou aux garçons-
Promesses et serments, ô fragiles rançons.
Et ces filles qui rient et se plient et jacassent,
Accouplant vingt fois les soucoupes et les tasses,
Et puis tous les grands gars baillent à pleine gorge
Au glouglou des coucous que leur salive engorge.-

Den Organisatiounscomité fir d'Éimaischen, aus dem spéider de Comité Alstad ginn ass, huet vun Ufank u ganz enk mat der Festkommissioun vun der Stad Lëtzebuerg zesummengeschafft, a mir sin houfreg drop, datt dat och nach haut esou ass.

*(weider an der Alstad News 16)*